Vom 15. bis zum 18. Juni 2017 fand eine interessante Bilderausstellung des Künstlerkollektivs um Pascale Seyer im Kulturzentrum in Biwingen statt. Für die Organisation der Ausstellung zeichnete sich der kommunale Kulturausschuss verantwortlich.

Anlässlich der Vernissage hieß die Kulturschöpfung Renée Quintus-Schanen die zahlreichen Besucher willkommen. An der Ausstellung waren mehrere Einwohner des Roeserbanns sowie der Nachbargemeinden beteiligt. Ausgestellt waren Bilder von 9 Künstlern.



Photos : Pierre Back

Éischt Editioun vum Seefenkëschtenrennen



De Sonndeg, 18. Juni 2017 war die éischt Editioun vum Seefenkëschtenrennen an der rue des Sacrifiés zu Réiser. Hei sinn e puer Andréck vun der flotter Manifestatioun organiséiert vun der asbl „The Open End’s“.



Coupe Scolaire-Circulation

Édition 2017

Le 20 juin dernier, l'Association des Parents d'Elèves de l'enseignement précoce, pré-scolaire et primaire des écoles de la Commune de Roeser asbl (APE de Roeser) a organisé la « Coupe Scolaire-Circulation ». Le but de cette coupe scolaire est de vérifier que les élèves du cycle 4 connaissent bien les règles de circulation routière à vélo. Cette année, sous un soleil de plomb, les 86 élèves du cycle 4 ont effectué un parcours allant de l'école de Crauthem à l'école de Bivange.

Le premier coup de sifflet de départ a été donné vers 8h et le dernier élève a passé la ligne d'arrivée aux environs de 10h15.

Les résultats ont été dévoilés (dans la cour de l'école de Crauthem) par les 2 échevines Mesdames Marianne Pesch-Dondelinger et Renée Quintus-Schanen qui ont aussi remis les récompenses à tous les participants en présence de volontaires, de professeurs et de parents d'élèves.

Le vainqueur était Gil Moreiras Ribeiro (élève de la classe de Monsieur Olivier Rodesch) et la deuxième était Lana Pinto (élève de la classe de Monsieur Tom Dossier). Le gagnant est allé représenter notre commune à l'occasion de la Finale de la Coupe Scolaire Nationale qui s'est déroulée le dimanche 2 juillet à Weiler-la-Tour.

Cette année encore, le comité de l'APE de Roeser tient à remercier tout particulièrement les parents et volontaires qui sont venus apporter bénévolement leur soutien pour assurer le bon déroulement de cet événement. Nous n'oublions évidemment pas les sponsors qui nous ont bien aidés aussi.

De plus, nous en profitons pour vous signaler que la procédure de la coupe scolaire connaîtra de légers changements à partir de cette année afin de respecter les recommandations de la sécurité routière. En effet, les participants devront se soumettre à quatre épreuves :

- Une épreuve théorique.
- Un examen de l'état technique du vélo. Inspection de l'état du vélo avant l'épreuve pratique : tout enfant présentant un vélo avec un défaut grave ne sera pas admis aux épreuves pratiques.
- Un test de contrôle du vélo. Vérification que tous les enfants maîtrisent leur vélo : ils doivent par ex. savoir maintenir l'équilibre, lire les panneaux, regarder derrière, freiner, contourner une voiture.
- Un parcours en circulation réelle. Le parcours de cette année devrait être similaire à celui de l'année dernière.



ape.roeser@gmail.com



Association
des Parents d'Elèves de la
Commune de Roeser asbl


Séance Conte – Le souffleur de rêves

**Quand : samedi 18.11.2017
à 15:00**

Où : Crauthem, Hall omnisports

A l'avenir, il faudrait que la majorité des postes de contrôleur (qui notent le comportement des élèves) soit assurée par les parents des élèves concernés. L'appréciation du comportement correct sera discutée lors d'une réunion préparatoire. Ces notes serviront à déterminer le candidat qui ira participer à la finale nationale de la coupe scolaire et permettront aux enseignants de discuter après l'épreuve du comportement de leurs élèves.

Nous avons des volontaires qui nous soutiennent depuis des années et nous leurs en sommes très reconnaissants. Malheureusement, nous avons de moins en moins de bénévoles et donc pas assez de contrôleurs. **Venez nous aider à assurer la sécurité de vos enfants, contactez-nous !!!** Nous sommes une association multiculturelle et parlons plusieurs langues : allemand, français, italien, portugais, luxembourgeois, et bien d'autres encore...



Amicale des Enrôlés de Force

Section Roeserbann



Amicale des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme 1940 – 1945
Section "Roeserbann"

Den 1. Juli hat d'Amicale des Enrôlés de Force Roeserbann, hiren 50. Anniversaire gefeiert.

D'Jubiläumsfeier huet mat engem feierlechen Gottesdénsgscht an der Réiser Kierch ugefangen.



Während dem Gottesdénsgscht ass den neie Fändel geweit ginn.

Duerno huet d'Amicale mam Buergermeeschter Tom Jungen a Marianne Pesch-Dondelinger virum Denksteen fir d'Affer vum Zweeten Weltkrich, Blumen niddergeluet.

Beim uschléissenden Empfang am Festsall vun der Gemeng, huet de President Metty Mozek un de Leidswee vun de jonken Lëtzebuerger Jongen a Meedercher déi am zweeten Weltkrich zwangsrekrutéiert woren erënnert, an d'Ereegneser vun demols dürfen nët vergiëss gin!

De Buergermeeschter Tom Jungen huet vum donkelsten Kapitel an der Geschicht vu Lëtzebuerg geschwaat. Hien huet drun erënnert datt d'Verenegong vun den



Zwangsrekrutéierten gegrënnt gouf, fir datt d'Erënnung un d'Affer aus dem zweeten Weltkrich déi fir d'Wehrmacht oder den Arbeitsdienst gezwongen goufen, oprecht ze erhalten.

Mam Éirewäin hu mir mat all Invitéën, de Giédelen a Pätteren vum neie Fändel eis Feier ofgeschloss.



Photos : Pierre Beck

Straßenfest in der rue de la Forge



Am Samstag, dem 2. September hatten die Einwohner der rue de la Forge in Biwingen ein kleines Straßenfest organisiert. Bei schönem Sommerwetter und leckeren Speisen verbrachten Jung und Alt ein paar gesellige Stunden zusammen und nutzten die Gelegenheit um sich besser kennenzulernen.



Remise d'un chèque à Nepalimed

Jeudi, le 21 septembre 2017



En date du jeudi, 21 septembre 2017, les responsables de la commission culturelle communale avaient le plaisir de remettre un chèque d'un montant de 500 € à l'association Nepalimed. Depuis mai 2001 cette

association aide les plus démunis du Népal par l'intermédiaire du Dhulikhel Hospital. L'a.s.b.l. s'est spécialisée dans l'achat et le remplacement de matériel et appareils médicaux non disponibles au Népal.

Mobilitéitsdag

Sonndeg, 24. September 2017

E Sonndeg, de 24. September 2017 hat d'Gemeng Réiser e Mobilitéitsdag organiséiert. Kuerz no halwer 10 huet d'Gemeng eng Taass Kaffi an eng Mëtsch offréiert.

Esou gutt gestärkt, hu sech um 10 Auer ronn 30 Leit mat engem Elcteric Hybrid Bus op Peppeng bei de Baueremusée op de Wee gemaach. Hei sinn si e Stéck vun deem neie Sentier Culturel Peppeng-Léiweng gaangen a kruten ënnerwee verschidden Erklärungen.

Um 10 Auer hu sech och 2 Equipe mam Vëlo op den Tour gemaach, an dëst fir e méi e klengen Tour iwwert 15 Kilometer a fir e bësse méi e sportlechen Tour vun 30 Kilometer.

An Zwëschenzäit waren och d'Parcourse fir Segway an fir mam Vëlo opgebaut. Hei konnten Jonk an Al hier Geschécklecheit ënnert Beweis stellen.



Pünktlech fir de Kascht waren och déi Leit mam Vëlo a vum Tréppeltour erëm zeréck. Iwwert d'Mëttesstonn war beschtens fir lessen an Drénke gesuergt. 2 Foodtrucks, ee mat Hamburger, Gegrills a Fritten an ee mat vegane Platen, hun dofir gesuergt, datt keen huet mussen Honger leiden. Fir e kille Patt, hat d'Gemeng e Gedrénksstand organiséiert.



Des weideren war d'Mobilitéitszentrall op der Plaz an huet de Leit Ried an Äntwert gestanen zu hire Froen iwwert den ëffentlechen Transport. An der Mëttesstonn huet de Lionel Malané och kuerz déi verschidde Services vun der Mobilitéitszentrall virgestallt.

De ganzen Dag iwwer war eng Fotobox op der Plaz opgeriicht, wou ee konnt eng Foto maachen. D'Fotoen aus der Fotobox fann dir op der Facebook-Säit vum Réiserbänner Ëmweltberoder. Hei leeft och nach e klengen Concours wou déi Fotoe mat deene meeschte „Likes“ e klengen Kaddo kënnen gewinnen.



Alles an allem war et e gelongen Dag, wou dat gutt Wieder sécher säin Deel derzou bäigedroen huet. Op dëser Plaz seet d'Gemeng all deenen interesséierte Leit Merci, déi op de Mobilitéitsdag komm sinn.

„Sangen ouni Grenzen“

Am 24. September 2017



marcel_dostert@yahoo.de /
chrisfr@pt.lu

Auch dieses Jahr kannte dieses Konzert wieder einen sehr großen Erfolg. Präsident Marcel Dostert eröffnete den gesanglichen Nachmittag im vollbesetzten Festsaal „François Blouet“ in Roeser. Sehr viele Gesangliebhaber aus allen Gegenden des Landes hatten den Weg nach Roeser zu diesem großen Gesangsnachmittag gefunden.

Eröffnet wurde das Konzert durch den Organisationsverein, der mit bekannten Melodien aus dem In- und Ausland u.a. „Wir feiern ein Fest der Freude“, „Love changes everything“, „A la claire fontaine“, „Wunder gescheh'n“ von Nena und „Ech drénke gär mäi Pättchen“ aufwarteten. Der Chor stand unter der bewährten Leitung von Marguerite Thomé-Schmit und wurde am Klavier begleitet von Marc Loewen.

Nach einer kurzen Pause waren es die Sänger der „Chorale d'hommes Boevange/Attert“ die mit ihren gesanglichen Einlagen zu begeistern wussten. Neben ihren Interpretationen aus Deutschland, Italien, Großbritannien, Österreich usw. brachte die verlangte Zugabe „Kanner oh Kanner, oh quel bonheur, mir hunn elo en Ascenseur“, eine Parodie auf den Panorama-Lift zum Pfaffental, den verdienten Lacherfolg im ganzen Saal. Der Männerchor stand ebenfalls unter der Leitung von Marguerite Thomé-Schmit mit Klavierbegleitung von Daniel Mujzer.

Ein internationales Flair brachte der Chor aus Belgien „Le Royal Cercle Choral Jupille Saint-Amand“, welcher auf gekonnte Weise und mit großem Erfolg internationale Lieder präsentierte, u.a. „Tollite Hostias“, „Le Tango Corse“, „Hello Dolly“, „76 Trombones“ und „This little Light of Mine“. Bemerkenswert war dabei, dass der gemischte Chor sein ganzes Programm auswendig singen konnte. Der Chor stand unter der dynamischen Leitung von Christine Solhousse und wurde am Klavier begleitet von Damien Girs.



Chorale Ste Cécile
Roeser-Crauthem

Komm sang mat

..... der Chorale Réiser-Krautem

Et ass ni ze spéit fir mam Sangen
unzefänken!

**Rendez-vous ass ëmmer
Dënschdes um 20.00 Auer**

am Parsall niewent der Réiser Kierch.

Weider Informatiounen bei:

Marcel Dostert – President
16, rue Lankert • L-3327 Crauthem
Tel.: 36 85 84 • Fax: 26 36 06 54
GSM: 621 50 54 58
e-mail: marcel_dostert@yahoo.de

Francine Christen – Sekretärin
14, rue des Fleurs • L-3395 Roeser
Tel.: 36 52 74 • GSM: 661 76 62 62
e-mail: chrisfr@pt.lu

SAVE THE DATE

**Concert spirituel
12. November 2017 um 17.00 Auer**

**Kéisowend
24. November 2017 um 19.00 Auer**

„Amazing Grace“, interpretiert von allen drei beteiligten Chören, bildete den großen Abschluss dieses bemerkenswerten Gesangsnachmittags.

Beim anschließenden Empfang durch die Gemeindeverwaltung war es Bürgermeister Tom Jungen, der die Chöre zu den gezeigten Leistungen beglückwünschte, dies besonders an die Adresse des Organisationsvereins, die „Chorale Ste Cécile Roeser-Crauthem“.



Fête du Bouquet

Maison des clubs « A Janes »



Le projet en chiffres :

Début des travaux :	février 2017
Durée projetée des travaux :	13 mois
Fin projetée des travaux :	mars 2018
Surface totale :	513 m ²
Coûts estimés des travaux (HTVA) :	928.297,14 €
Coûts estimés des honoraires (HTVA) :	200.856,85 €
Coûts totaux estimés :	1.321.110,48 €

prévoit de préserver l'aspect général et le charme de la maison existante et de revaloriser par des travaux de rénovation de la façade, des fenêtres et de la toiture. Les façades latérales et arrières seront modernisées par de nouvelles ouvertures et une annexe comprenant un ascenseur. La construction intérieure sera adaptée aux exigences actuelles. Le projet de la maison « A Janes », qui est adossée à la crèche communale, démontre qu'il est parfaitement possible de combiner du nouveau avec l'ancien.

Sur une surface totale de 513 m², la maison offre de nouveaux espaces à trois clubs différents. Le rez-de-chaussée disposera de locaux pour la « Internetstuff » et du secrétariat du « HC Berchem ». Le « Ciné-Vidéo Flash Roeserbann » occupera le 1^{er} étage, le « HC Berchem » aura son nouveau siège dans les espaces sous combles. Le sous-sol comprendra les locaux techniques et un dépôt commun. Tous les niveaux (hormis le sous-sol en voûte existante) seront desservis par le nouvel ascenseur, accessible aux personnes à mobilité réduite.



Le jeudi, 28 septembre 2017, la Commune avait invité à la Fête du Bouquet de la maison des clubs « A Janes » sise à la rue Méckenheck à côté de la crèche communale.

L'idée derrière le projet de rénovation et de transformation de la maison « A Janes » était de mettre en place une nouvelle maison en vue d'héberger les trois clubs dont le local actuel, sis à côté de l'école de Berchem, va être démolie dans le cadre de la construction du nouveau pôle scolaire Berchem / Bivange.

Le concept du projet établi par le bureau d'architecture « Tom Simon Architectes »



Réiserbänner Pompjeeën

Réckbléck iwwert verschidden Aktivitéite vum September-Oktober 2017



www.cisro.lu /
Facebook



Wann's Du Loscht hues bei de **50 Aktiven** oder **20 Jugendpompjeeën** an enger motivierter Equipe matzemaachen, interesséiert bass un der Technik an de Leit a Nout ze hëllef, eng responsabel Aufgab wëlls hunn, da mell Dech bei

email.kontakt@cisro.lu

GSM: 621732229

Oder am

Interventiounszentrum zu Réiser

40, Grand-rue hannert der Gemeng

Vun **16 Joer un** Donneschdes um **19:30 Auer**.

Vun **8 bis 16 Joer** Samschdes vun **9:30 bis 11:30 Auer**

No dem August wou et traditionell ëmmer méi roueg ass, hunn eis Aktivitéiten am September erëm richtig ugefangen. Niewent enger réi vun Asätz an Ausbildungen si Virbereedunge fir d' Aféierung vun dem neien Déngscht First-Responder weider gaangen. Fir d'Ausbildung vum Secours à personnes (SAP1) ze festegen an esou fit ze si bei der Aféierung vum First Responder profitéieren eng 10 Leit vun der Offer fir an den Zentren Betebuerg an Diddeleng kennen Déngscht op der Ambulanzen ze maachen.

Un Nationalen Ausbildungen hunn zwee Leit un der 48 Stonne Formation BAT1, dräi Leit un der 48 Stonne Formation BAT2 an eng Persoun un der 12 Stonne Ausbildung "Absturzsischerung" deelgeholl.

Op de réglementairen Übungen, déi ëmmer Donneschdes Oues sinn, stoungen am September an Oktober folgend Thema'en um Programm. Otemschnoutfallmanagement (ANM), Pompele bei Iwwerschwemmungen, Bierge vu Verletzte bei Accidenter a verschide gréisser Läschübungen. De 14. a 15. Oktober waren eis Otemschnutzdreier mat de Kollege vun Hesper am Feierflash gefuerdert. Dësen Training besteet doranner bei real Feier a grousser Hetz richtig kennen

ze schaffen. Den 28. Oktober war dunn erëm eisen Übungsdag.

De 7. Oktober waren déi National Cross Meeschterschaften zu lechternach wou fënnf Leit vum Réiserbann matgemaach hunn. D'Sarah an de Mathis hunn an hire Kategorien déi zweet Platz beluecht.



Am September waren nach zwee ganz Aarbechts- an Zäitintensiv Brenn. E Groussbrand zu Réiser (Bericht op de nächste Säiten) mat iwwert 48 Stonnen um Stéck an den zweeten zu Weiler la Tour wou pur honnert Ronnballen gebrannt hunn.

Déi zweet Generatioun Piipserten déi elo 14 Joer a Betrib waren, sinn den 21. September duerch eng nei Generatioun Piipserten ersat ginn. No dem Wiessel vun de Funk Geräter an de Joren 2015 an 2016 war et dëst Joer um ersetze vun de 50 Piipserten.

Da war nach:

Regional Schwamm Meeschterschaft zu Péiteng, eise Kollege Fonck Jean ass bestuet ginn, zwee Kollegen si vun de Jugendpompjeeën bei déi Aktiv gewiesselt an zwee nei Memberen hunn sech gemellt fir aktiv kenne mat ze maachen, fënnf Kanner/Jugendlecher hu bei de Jugendpompjeeën nei ugefaangen a mam Pit ass eis Pompjeeë's Famille méi grouss ginn.

Eis Jugendsektioun war am September an Oktober och ganz aktiv.

Vum 26. August bis den 2. September hunn eng dräizéng Jugendlecher a véier Moniteuren/Helfer um regionale Jugendcamp zu Diddeleng deelgeholl. E grouse Merci un eis Kollege vun Diddeleng fir déi flott Woch.






Den 10. September stoung méi eng speziell Aktivitéit um Programm. 12km mam Kajak vun Dillingen op lechternach.



De 17. September war en Deel vun eise Jugendpompjeeën op de Joseph Mumbauer Gedächtnispokal bei eis Partnerwier op Simmern. 16 Spiller a 5km Wee stoungen um Programm.

Op den Übungen Samschdes vun 9:30 bis 11:30 konnt da mat de Geräter aus de Gefierer geschafft ginn.



Groussbrand zu Réiser

E Samschden, den 23. September 2017, gouf um 18:35 Auer eng « Alerte Générale Feier B2» fir de Réiser Corps an een LF vun Hesper ausgeléist. D'Meldung war dass eng Scheier vun engem Bauerebetrieb zu Réiser sollt brennen. Schon um Ufaartswee konnt een eng massiv schwaarz Dampwollek erkennen. Nodeems den HLF Réiser op der Platz ukomm ass, an de Sektionschef seng Erkundung gemaach huet, konnt en feststellen dass die komplett Hal vun ongeféier 500 m² a Vollbrand stoung, sou dass d'Alarmstuf op ee B3 erhéicht gouf, an sou nach weidere Renfort vun Hesper a Beeteburg alarméiert gouf.

An enger éischter Phase gouf dem Bauer gehollef sämtlech Deieren a Sécherheet ze bringen, duerno gouf een éischten Ugrëff vu bausse wie och een Ugrëff iwwert d'Leeder preparéiert. Duerch déi massiv Brandlaascht, wie och duerch d'Astuerzgefor vun der Hal gouf kee Bannengrëff gemaach. Fir genuch Waasser op der Platz ze hun, goufen d'Kollege vu Fréising an Uespelt alarméiert. Hier Missioun war et eng Waasserversuergung vun der Uelzecht op d'Asatzplatz opzebauen. Zesumme mat de Kollege vun Hesper a Beeteburg, gouf probéiert iwwer zwou Leederen a fënnef Baussenugrëff d'Feier ze läschen. Fir den Asatz besser kennen ze koordinéiere goufen d'Pompjeeën Diddeleng mam ELW alertéiert. Duerch die massiv Hetzt ass d'Daachgespär mam Blechdach vun der Hal an sech zesummegefall, sou dass et quasi onméiglech war un eng Partie Brandnäschter erunzekommen.

An Zesummenaarbecht mat engem Statiker gouf d'Stabilitéit vun der Scheier ofgeschaat a riskant Platzen deementspriedend gespaart.

En spezielle Bagger huet misse bestallt gi fir d'Hal eidelzeraumen, deen en Sonnden den Owend mat den Aarbechten ugefaangen huet. De ganzen Inhalt, iwwer 1000 m³ a majoritär Botten an Holz, gouf erausgeholl an ob engem Feld niewendrun mat Baggeren auserneegezu fir all d'Brandnäschter kennen oofzeläschen. D'Oflaäsche war néideg fir d'Geruchsbelästegung sou niddereg ewéi méiglech ze halen, och wann dëst net ganz konnt erreecht ginn. Ausserdeem ass eng 100 m vun der Scheier ewech eng Maison Relais, die soss ënner Dampf gestanen hätt. D'Ausraumaarbechten hunn bis en Méinden den Owend gedauert.

Säit Ufank vum Asatz ware während 48 Stonnen, och Nuets, permanent eng 6 - 16 Leit op der Platz fiert Feier ënner Kontroll ze halen an nozeläschen, dëst och duerch Mathëllef vun externe Corpsen.

En Dënschden, e Mëttwoch an e Freide waren nach eng Kéier Leit sur Place fir nozeläschen.

Mier wëlle jeglechen Asatzkräft e grouse Merci fir hier Zesummenaarbecht ausdrécken. All de Leit déi eis op déi eng oder aner Aart a Weis gehollef hunn oder sech em d'Vefleegung gekëmmert hun, wëlle mir och nach eemol Merci soen.

Op der Platz waren:

- Pompjeeë Réiserbann mat 38 Léit
- Service d'Incendie Commune de Hesperange mat 21 Leit
- Centre d'Intervention Bettembourg mat 9 Leit an eng Ambulanz mat 3 Leit
- Pompjeeë Fréiseng mat 5 Leit
- Pompjeeën Uespelt mat 6 Leit
- CID Centre d'Intervention Dudelange mat 3 Leit
- Groupe d'Intervention Vétérinaire mat 1 Persoun
- De Regionalinspekter Sud
- Buergermeeschter + Schäffen
- Firma Constructions Entrapaulus S.A.



Vizfest vum HC Bierchem

Vum 6. bis den 8. Oktober huet den Handball Club Bierchem erëm säin traditionellt Vizfest organiséiert. Während dësem Weekend huet sech am Veräin erëm alles ronderëm den Apel gedréint. Esou ass während 3 Deeg frëschen an gekachte Viz virum Clublokal zu Bierchem verkaaft ginn, bal 4 Tonnen Äppel sinn do verschafft ginn.


Freides sinn d'Spillschoul an de Precoce kucke komm wéi Viz gepresst gëtt an duerno konnten si dann natierlech dëse Viz schmaachen.



Samschdes, stoung dunn den Dier zu Dier Verkauf um Programm. Eng etlech Kilometer si mir mam Trakter duerch de ganze Réiserbann gefuer. Ons Jugendspieler hunn kräfteg mat ugepaakt beim Verkauf. Si hunn hannen um Won Plaz geholl a ware ganz frou iwwert de grouse Succès dee si mam Viz bei de Leit haten.



www.hcberchem.lu



HC BERCHEM

SAVE THE DATE

18/19 respektiv 25/26 November 2017

Am November spillen ons Hären am europäische Challenge Cup géint ORK Samot 65 aus Serbien. Die zwee Mätcher ginn d'Weekender vum 18/19 respektiv 25/26 November gespilt. Méi Detailer fannt dir op onser Internetsäit.



Sonndes hunn mir schonns moies fréi Kaffi & Croissant ugebueden an duerno ass et weider gaange mam Mëttesdësch, de mir ab 12 Auer zerwéiert hunn. Hei hat jiddereen d'Méiglechkeet am gehetzten Zelt am Schoulhaff zu Bierchem e Maufel iessen ze kommen. Et hat en d'Wiel zwëschen Ham am Hee oder Träipen mat gebootschte Gromperen an als Dessert gouf et e Stéck Taart a Kaffi. Vill Léit hunn awer och dovunner profitéiert fir bei enger gudder Wurscht vum Grill an engem Patt beim Comptoir ze poteren.

Den HC Bierchem wëllt op dësem Wee jidderengem Villmools Merci soen dee während den dräi Deeg bei ons op Besuch war.

Journée de la Commémoration Nationale

Dënschdeg, den 10. Oktober zu Béiweng



Den 10. Oktober 2017 gouf sech an der Gemeng Réiser un déi schwéier Zäite vun der däitscher Occupatioun tëscht 1940 bis 1945 erënnert.

No enger feierlecher Mass hunn d'Membere vum Schäfferrot zesumme mat engem Vertrieeder vun der "Amicale des Enrôlés de Force" eng Gerbe virum Monument du Souvenir zu Béiweng niddergeluecht. No



enger kuerzer Usprooch duerch de Buergermeeschter Tom Jungen huet d'Gemengverwaltung dunn op eng Receptioun an de Kulturzentrum Edward Steichen invitéiert.

Fir de musikaleschen Encadrement vun dëser wichteger a wierdeger Commemoration huet d'Harmonie Municipale « Les Echos de l'Alzette » gesuergt.

GEMENGENEVENTS

« Staminet »

Mir si Réiserbann - all zesummen



Avec la 11^e édition de son 'Staminet' la commission consultative communale d'Intégration continue à œuvrer pour la promotion des échanges entre concitoyens luxembourgeois et non-luxembourgeois.

Le 'Staminet' n'est rien d'autre qu'une rencontre amicale entre voisins. C'est un rendez-vous régulier permettant de se fréquenter, de se parler et de s'entendre. Grâce à cette manifestation, la commission



Commission Consultative
Communale d'Intégration
Réiserbann

Quand : 16 novembre 2017 à 19h30

Où : Brasserie « Am Musée »
du Musée Rural et Artisanal
de Peppange

consultative espère favoriser la bonne entente entre personnes de nationalité, de culture et d'ethnie différentes et de promouvoir le « Vivre ensemble » indispensable au bon fonctionnement de notre société.

La 11^e édition du 'Staminet' aura lieu le jeudi, 16 novembre 2017 à 19.30 à la Brasserie « Am Musée », du Musée Rural et Artisanal de Peppange.

«Konscht- an Hobbymaart» am Réiserbann

L'Administration communale et la commission culturelle en collaboration avec l'association «The Open Ends» vous invitent au «Konscht- an Hobbymaart 2017» qui aura lieu à la Salle des Fêtes François Blouet à Roeser.



Quand : 25 et 26 novembre 2017

Où : Fêtes François Blouet
à Roeser

L'exposition sera ouverte :

Samedi le 25 novembre 2017
de 15.00 à 18.30 heures

Dimanche le 26 novembre 2017
de 10.00 à 18.00 heures

Fête de la Saint Nicolas

L'administration communale et la commission culturelle ont l'honneur et le plaisir d'inviter les enfants et leurs parents à la fête de la Saint Nicolas, qui aura lieu le samedi, 2 décembre 2017 à Roeser.

St. Nicolas sera reçu au parking du Hall Omnisports à Crauthem. Un cortège d'enfants mené par l'Harmonie Municipale « Les Echos de l'Alzette » et les Sapeurs Pompiers se dirigera ensuite vers la salle des fêtes « François Blouet » de la maison communale où la distribution des sachets aux enfants aura lieu.



Quand : samedi, 2 décembre 2017
à Roeser

**Rendez-vous à 14.45 heures
au parking du Hall Omnisports
à Crauthem.**



Rentnerfeier 2017

De Schäffen- a Gemengerot an Zesummenaarbecht mam Club „Eist Heem“ an de „Frënn vum Drëtten Alter Réiserbann“ invitieren all eeler Awunner a Rentner aus dem Réiserbann häerzlech op d’Rentnerfeier vun der Gemeng Réiser e Samschdeg, den 9. Dezember 2017 nomëttes um 15.00 Auer am Festsall „François Blouet“ zu Réiser.

Vun 14.30 Auer un hält de Bus lech op den übleche Busplazen an der ganzer Gemeng ewech.



Wéini: Samschdeg, den 9. Dezember 2017
nomëttes um 15.00 Auer

Wou: Festsall „François Blouet“
zu Réiser

Wéinst der Bestellung vum lessen wiere mir frou, wann Dir lech **bis spëtstens de 24. November 2017** op der Gemeng géift umellen (Tel.: 36.92.32-1).

Dës Feier ass geduecht fir eis eeler Leit, awer och fir déi Leit, déi eleng am Liewe stinn.

Mir wënschen lech elo schon e flotten Nomëtteg.

Fête des rentiers 2017

Le collège échevinal et le conseil communal en collaboration avec le Club « Eist Heem » et l’association « Frënn vum Drëtten Alter Réiserbann » invitent tous les citoyens âgés et rentiers du Roeserbann à la fête des rentiers de la commune samedi, le 9 décembre 2017 à 15.00 heures à la salle des fêtes « François Blouet » à Roeser.

Une navette sera organisée, et ce à partir de 14.30 heures aux arrêts de bus habituels.



Quand : samedi, le 9 décembre 2017
à 15.00 heures

Où : salle des fêtes
« François Blouet » à Roeser

Veuillez nous **confirmer votre participation** pour le **24 novembre 2017 au plus tard** au n° **36.92.32-1** pour pouvoir commander les repas.

Cette fête est destinée aux personnes âgées mais également aux personnes vivant seules.

Nous vous souhaitons dès à présent un agréable après-midi.